QP N°2177

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:00, 11/05/2020

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, den Här Wirtschaftsminister an den Här Mëttelstandsminister weider ze leeden.

Mengen Informatiounen no ginn et am Moment Schwieregkeete fir eng Rei Betriber déi bei ëffentlechen Ausschreiwunge wëlle matmaachen. Well vill Betriber am Kader vun der COVID-19 Krise vun enger Rei vun temporäre Mesuren am Beräich vun der TVA an der der Sécurité sociale profitéieren, kënnen si net déi néideg Certificaten ausgestallt kréie fir bei enger Soumissioun mat ze maachen.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung dës Informatioune confirméieren?
2. Wa jo, deelt d'Regierung d'Meenung datt hei séier misste Léisunge fonnt ginn, fir datt déi concernéiert Entreprisen net nach méi Aboussen hunn?
3. Ass d'Regierung bereet d'Méiglechkeet vun enger Derogatioun virzegesi fir datt och Entreprisen déi vun den temporär Mesuren am Kader vun der COVID-19 Krise profitéieren, dierfen un ëffentlechen Ausschreiwungen Deel huelen ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 16 juin 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

*REÇU*
*Par Alff Christian , 11:46, 16/06/2020*

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°2177 du 11 mai 2020 de l'honorable député Monsieur Laurent Mosar, concernant les soumissions publiques, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 22 31 60

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, dem Här Franz Fayot, Wirtschaftsminister, dem Här Lex Delles, Minister fir Mëttelstand, dem Här Pierre Gramegna, Finanzminister an dem Här Romain Schneider, Minister fir sozial Sécherheet op déi parlamentaresch Fro n°2177 vum 11. Mee 2020 vum éierbaren Deputéierten Här Laurent Mosar iwwert d'ëffentlech Ausschreiwungen**

Et ass der Regierung gewosst, dass am Kader vun der COVID-19 Kris verschidde Betriber Schwieregkeete bei ëffentlechen Ausschreiwungen hunn. De Regierungsrot huet dofir an diversen Sëtzungen iwwert dës Problematik diskutéiert a verschidde Mesurë festgehal.

Wat d'Gestioun vun de soziale Bäiträg, den trimestriellë Steieravancë, an der TVA (délais de paiement) ugeet, huet d'Regierung temporaire Mesurë festgeluecht, fir Betriber mat verstäerkter Flexibilitéit ze ënnerstëtzen.

Dës weideren, huet d'Regierung de Centre Commun de la sécurité sociale (CCSS) an d'Steierverwaltungen gebieden, de Betriber déi virum 18. Mäerz 2020 (état de crise) „en règle" mat hiren Steieren a Sozialchargë waren, d'Certificaten, esou wéi den Artikel 91 vum règlement grand-ducal vum 8. Abrëll 2018 iwwert d'Ausféierung vum Gesetz iwwert ëffentlech Ausschreiwungen et virgesäit, auszestellen.

Heiduerch misst et de Betriber méiglech sinn déi néideg Certificaten ze kréien an un enger ëffentlecher Ausschreiwung deelzehuelen.

Et ass selbstverständlech, dass dës aktuell Krisesituatioun kee Virwand bitt fir net-konform Situatiounen ze regulariséieren.